PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Eng Etude vum Dieter Ewringmann vun 2016 am Optrag vum Ministère fir Nohalteg Entwécklung huet erginn, dass den Tanktourismus de Staat all Joer 3,5 Milliarden Euro kascht bei Recettë vun 2,1 Milliarden. Am Abrëll ass dunn den Tankrabatt vu 7,5 Cents beim Diesel a Bensinn a Kraaft getrueden.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wann den Tankrabatt an déi Berechnunge mat afléisst, wéi vill huet den Tanktourismus de Staat aktuell pro Mount kascht?
2. Ëm wéi vill wäert den Tankrabatt de Staatsbudget op d' Joer gesi beaflossen?
3. Mat wéi enge Gelder sollen dës zousätzlech Käschte gedeckt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député